N°552
Entrée le 30.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth a vum Sportsminister, Georges Mischo zu der parlamentarescher Fro n°552 vum 28. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

1. Gouf am Sport- respektiv am Finanzministère eng intern Analys zu der Base légale vun den Indemnitéite fir extern Mataarbechter vun de Formatiounszentere gemaach? Wa jo, gëtt et heizou eng Note iwwert d'Resultater vun dëser Analys?

De Sportsministère huet sech 2022 mat der Direktioun vun der Finanzkontroll zesumme gesat fir den Dossier iwwert d'Bezuele vun den externe Mataarbechter an de Formatiounszenteren ze klären.

Do si follgend Punkte festgehale ginn :
- d'Decisioun vum Regierungsrot vum 21. Dezember 2001 unzepassen fir an der Preambel all déi aktuell Gesetzer a Reglementer déi a Kraaft sinn ze zitéieren ;
- d'modifizéiert Gesetz vum 3. August 2005 iwwert de Sport ("2005er Gesetz") unzepassen ;
- d'Aféiere vum neien INAPS Gesetz an d'Upassung vum groussherzogleche Reglement iwwert d'Bezuelen.

Dës dräi Pisten, déi zeréckbehale goufe, sinn an Zwëschenzäit allen dräi ëmgesat, duerch:
- d'Decisioun vum Regierungsrot vum 7. September 2022 ;
- d'Gesetz vum 21. Juli 2023, dat den Artikel 4 vum 2005er Gesetz upasst an dem Schafe vum groussherzogleche Reglement vum 23. August 2023 iwwert d'Bezuele vun de Mataarbechter aus de Formatiounszenteren ;
- d'Gesetz vum 29. Juli 2023 iwwert d'Schafe vum INAPS an dem groussherzogleche Reglement vum 29. August 2023, deen déi applikabel Tariffer festleet.

2. Ass de Contrôle financier mat enger Analys saiséiert ginn a wat ass am Avis vum Contrôle financier erauskomm?

Nodeems d'Finanzkontroll zousätzlech Informatioune gefrot hat betreffend d'Ausbezuele vun Indemnitéite fir Trainere vun de Formatiounszenteren, hat sech de Sportsministère am September 2022 engagéiert fir kuerzfristeg eng nei gesetzlech Basis ze schafen a, bis zum Vott vun dëse Gesetzer, de Regierungsrot mat engem neien Arrêté ze saiséieren. Dësen Arrêté gouf de 7. September 2022 vum Regierungsrot ugeholl.

Op Basis vun den Explikatioune vum Sportsministère an dem besoten Arrêté vum Regierungsrot ass dunn een Accord *avec observations* vum responsabele Finanzkontroller ausgeschafft ginn, deen d'Ausbezuele vun deenen, ob Grond vu geleeschte Servicer, geschëllten Indemnitéiten erlaabt huet.

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth